

Georges Pfeiffenschneider

# Opruff fir en anere Bildungsmodell

## Ee ketzeresche Bléck hannert d'Kulisse vum aktuelle Schoulsystem an op d'Aspekter vun enger Alternativ

*Immer wieder tauchte nach 1945 die Frage auf, ob es denkbar sei, dass es je zu einem dritten Weltkrieg kommen könne. Ich glaube, wir befinden uns schon mittendrin. Nur bemerkt es offenbar niemand, weil dieser Krieg nicht territorial, sondern zeitlich geführt wird. Wir haben einen erbarmungslosen Krieg gegen unsere eigenen Kinder und Enkel, gegen die kommenden Generationen, entfesselt. Wir werden ihnen eine verwüstete Welt hinterlassen, auf der das Leben für sie sehr schwer sein wird. Aber da sie ja nicht zurückslagen können, fahren wir damit fort – wir können schon gar nicht mehr anders – und beruhigen unser Gewissen (sofern es nicht ganz zum Schweigen zu bringen ist) mit der Annahme, dass ihnen schon etwas einfallen wird, um unsere Gemeinheiten wiedergutzumachen.*

Michael Ende

- Firwat gëtt zu Lëtzebuerg net iwwert déi wierklech wichtig Froen diskutéiert?
  - Firwat gëtt an de Caféen net iwwert den Happy Planet Index geschwatt an doriwwer, dass Lëtzebuerg vun alle Länner do bei mat am schlechtsten ofschneit?
  - Firwat bedeelegen sech net vill méi Bierger u Protestaktiounen géint déi weider Bedreiwing vun héichriskanten alen Atomkraftwicker an eiser Grenzregioun?
  - Firwat kafe mer eisem Nowuess gesondheetsschiedlech Plastikspillsaachen aus China a stäerken domat ausserdeem een Onrechtsregime?
  - Firwat investéiert eng grouss Zuel vun erwuessene Männer hir Fräizäit an Alkohol, Autoen, Computerspiller a Sportresultater, amplaz sech fir dréngend sozial an ökologesch Froen z'engagéieren?
  - Firwat gi mer hemmungslos Geld aus fir émmer dee leschte Modell vu Smartphone an Tablet an der Täsch ze hunn a produzéieren esou Onmassen vun Elektroschrott mat all sengen negative Folge fir Mënschen op der südlecher Hemisphär?
  - Firwat ass de Lëtzebuerger hire Fleeschkonsum émmer nach ee vun den héchste vun der Welt, obwuel gewosst ass, dass en zu engem beträchtlechen Deel zum Landverbrauch an zur Klimaveränderung bäßidréit a fir onzieleg Déieren onvirstellbart Leed bedeit?
  - Firwat verbrenne mer weiderhin Dag fir Dag ongenéiert Diesel, Bensin a Kerosin, obwuel mer wëssen, dass mer domat de Klimawandel weider undreiwen a fuerchbar Liewensbedingunge fir eis Nokommeschafen? A firwat dierfen émmer nach Eenzelpersounen a risegeen, dschungel- a wüstentaglechen Jeepen mat total ineffiziente Motoren an engem onvirstellbare Spritverbrauch iwwert eis kleng Stroosse rennen?
  - Firwat engagéiere sech déi politesch Verantwortlech weiderhin konsequent fir quantitative Wuesstem, obwuel si scho laang wëssen a vun alarméierte Wissenschaftler émmer nees drop higewise ginn, dass eis Äerd endlech an hir Ressource begrenzt sinn?
- Loosse mer mol no e puer méiglechen Erklärunge sichen.
1. Mir si Sadisten.
  2. Mir sinn dem kollektive Wahnsinn verfall.
  3. Mir si süchteg no destruktive Verhältnisse a kennen net domat ophalen.
  4. Mir sinn emotional net fäeg mat all deene schrecklechen Noriichten émzegoen a verdrängen se dowéinst.
  5. Mir weigeren eis ze gleewen, wat Etüden a Statistiken iwwert den Impakt vun eisem Verhalen aussoen.

---

Georges Pfeiffenschneider, Enseignant an der Primär- a Grondschoul zénter 1986 mat Schwierpunktintressen an Ethik, Konscht a Wëssenschaft, beschäftegt sech mat Bewosstsinnsfroen, Ecologie, Transitioun an zénter zwee Joer intensiv mat Froe vun demokratescher Bildung.

6. Mir si voller Hoffnung, dass iergend ee Gott oder een technologescht Wonnermëttel eis Problemer fir eis wäert léisen.

7. Mir sinn esou onbewosst, dass mer iwwerhaapt net matkréien wat leeft.

8. D'Natur huet ee vun der Evolutiou an eisem Gehir verstoppte Suizid-Gen aktivéiert, als Sécherung a lescht Mëttel géint eis Bedreeung vun der Ökosphär.

9. Eis Erzéitung a Bildung loessen an eis net déi Kompetenzen opbléien, mat deene mer déi aktuell Erausfuerderunge kéinte bewältegen.

Obwuel besonnesch deen zweetleschte Facteur fir mech ganz novollzíbar kléngt, tendéieren ech dozou, dee leschten als dee wahrscheinlechsten ze betreuechten-- och wann dat vläicht fir d'éischt emol iwwerrascht.

Eis Erzéitung a Bildung loessen an eis net déi Kompetenzen opbléien, mat deene mer déi aktuell Erausfuerderunge kéinte bewältegen. Ech wöll et nach méi krass formuléieren: Eisen Dinosaurier-Schoulsystem énnerdréckt an zerstéiert déi Kräften an eis, déi mer bräichte fir aus eisem betäubten a konditionéierten Hallefliewen auszebriechen an eise Planéit ze retten-- bzw. fir opzehalen eis euge Liewensgrondlagen aktiv ze vernichten.

### Auswirkunge vun engem System aus der Industriezäit

Wat sinn dann elo déi Kompetenzen, woura weist sech hir Énnerdréckung duerch d'Schoul, a wat fir Konsequenzen huet dat?

De Ken Robinson beschreift aacht Kärkompetenzen, „déi d'Schoule sollte férden, wann se de Studente wierklech héllefe wëllen hiert Liewen ze reüsséieren“. Unhand vun deene Fäegkeeten probéieren ech elo op déi Froen ze äntweren. (Natierech sinn déi folgend Formuléierungen iwwerspëtz, an et ass mer bewosst, dass et ganz vill engagéiert a kompetent Enseignante gétt déi di kleng Mënschen, déi hinnen uvertraut sinn, duerch hir Praxis respektéieren an inspiréieren. Dat ännert awer näischt un de schiedlechen Aschränkunge vum edukative Kader, deen aus en-

ger ganz anerer gesellschaftlecher Epoch staaamt, net reforméierbar ass an elo eis Evolutiou bremst.)

**1. Virwëtz (Curiosity)** - d'Fäegkeet fir Froen ze stellen an ze énnersiche wéi d'Welt fonctionnéiert: D'Schoul léiss d'Schüler net euge Froen stellen an Äntwerten dorop sichen; si stellt hinne Froen iwwert dat wat se hinne fir d'éischt hirem Programm geméiss antriichtert a wat dowéinst guer keng éierlech Froen sinn, mee Tester. De Schüler hir eventuell Froen dierfen sech héchstens op d' „Matière“ bezéien, op dat wat déi Erwuessen als wëssenswäert betreuechten, fir de Rescht ginn se ofgewierts, well se den Oflaf vum Programm stéieren.

Déi kuerzfristeg Konsequenz dovun as, dass déi jonk Mënschen hiren eegenen Intressi un der Welt als onwichteg erliewen a keng echt Froë méi stellen, déi laangfristeg, dass aus hinnen défâtistesch Erwuessener gni, déi alles hinhuelen an z.B. hire Gesellschaftssystem net hannerfroen.

*Was nützt alles Wissen, wenn die Menschen nie die Beunruhigung, die Frage gespürt haben, auf die dieses Wissen eine Antwort sein will? Was bringt es Menschen, wenn man sie unablässig mit Nahrung vollstopft, ohne dass sie Hunger haben? Sie werden krank, sie werden der Nahrung überdrüssig; sie werden gleichgültig gegenüber dem, was sie doch sättigen sollte.*

Horst Rumpf

**2. Kreativitéit (Creativity)** - d'Fäegkeet fir nei Iddien ze entwéckelen an se an d'Praxis émzesetzen: D'Schoul decourageiert originell Approchen an Aussoen, well dës d'Uerdnung stéieren an dem Enseignant seng Sécherheet a Kontrollbestriewung énnergruewen. D'Zil vum Schoulsystem ass et schliisslech, all Schüler gefügeg ze maachen an an hir Norm ze pressen, well se sech soss selwer géif ofschafen.

Duerfir däerfen déi jonk Leit och an der Konscht just brav alles nomaachen an dobäi némme minimal iwwert e Molbuch-Niveau erausgoen. Dat féiert zu Mënschen, déi sech net trauen originell ze sin, déi mam Stroum schwammen an als Erwuessener net méi fäeg sinn hir Individua-

litéit auszedrécken, mee sech d'Iddie vun anere musse kafen an an hire Gaart stellen.

*Das Hauptziel der Erziehung in den Schulen sollte es sein, Männer und Frauen zu schaffen, die fähig sind, neue Dinge zu tun, nicht nur zu wiederholen, was andere Generationen gemacht haben; Männer und Frauen, die kreativ sind, erforderlich und Entdecker, die kritisch sind und nachprüfen können und nicht alles annehmen, was ihnen angeboten wird.*


Jean Piaget

### 3. Kritescht Denken (Criticism)

- d'Fäegkeet fir Informatiouen an Idien ze analyséieren an iwwerluechten Argumenter an Urteeler ze bilden: Well d'Schoul op Zwang baséiert, muss se déi kritesch Gedanke vum Schüler énnerdrécken, wat hire Programm, hir Methoden an hir Bewäertung ugeet; duerfir evitéiert se et och, déi Kompetenzen ze förderen, déi zu Kritikfäegkeet an Zivilcourage féieren. Si kontrolléiert genee, a wéi enge Beräicher eng Iddi däerf énnersicht a jugéiert ginn, a gétt esouquer do meeschters eng offiziell „richteg“ Analys vir. D'Schüler trauen sech kaum, dem Enseignant ze widderspriechen oder zu enger Aufgab neen ze soen, wann se hire Senn net agesinn. Eng subtil Indoktrinatioun zillt mat de Joren Mënschen erun, déi brav den „Autoritéiten“ aus Wirtschaft, Medien, Staat a Kierch follegen, déi op all Publicitéit an Internet-Hoax erafalen an déi z.B. a Formatiounen ni no de Quelle froen.

*Was im Idealfall jedem Kind während seiner Schulzeit wiederholt gesagt werden sollte, ist in etwa Folgendes:*

*„Du wirst gerade indoktriniert. Wir haben noch kein Bildungssystem entwickelt, das nicht über Indoktrination funktioniert. Es tut uns Leid, aber es ist das Beste was wir tun können. Was dir hier beigebracht wird, ist eine Mischung aus aktuellen Vorurteilen und der Auswahl dieser spezifischen Kultur. Selbst der flüchtigste Blick auf die Geschichte zeigt, wie unbeständig diese sein müssen. Du wirst von Leuten belehrt die es geschafft haben, sich der Gedankenwelt zu unterwerfen, die ihre Vorgänger aufgestellt haben. Es ist ein selbsterhaltendes System. Jene von euch, die stärker und eigener als andere sind, werden sich ermutigt fühlen es zu verlassen und*



*Wege zu finden, um sich selbst zu erziehen - um sich ihre eigenen Urteile zu bilden. Jene die bleiben müssen sich immer und jederzeit bewusst sein, dass sie dazu geformt werden, den beschränkten und besonderen Bedürfnissen dieser speziellen Gesellschaft zu entsprechen.“*

Doris Lessing

#### 4. Kommunikatioun (Communication)

- d'Fäegkeet fir Gedanken a Gefiller kloer a selbstbewosst an enger Villzuel vu Medien a Formen auszedrécken: Eleng déi üblech Sëtzuerdnung an engem Klassesall weist, aus wéi enger geschichtlecher Period eise Schoulsystem staamt; aus enger Zäit vun autoritärer, unidirektioneller Kommunikatioun, wou et drëm goung, séier an effizient Instruktiounen émzesetzen, wou Feedback net erwënscht war an et fir den einfache Bierger praktesch keng Mëttele gouf séng Meenung ze verbreeden. Och haut nach konzentréiert sech eis Schoul drop, déi jonk Mënsche mat formalen Aspekter vu Sprooch (Orthografie, Grammatik, Stil) ze beschäftegen a gëtt hinne kaum Geleeënheet, als Rhei-

toriker opzetrieden, sachlech Argumenter auszetauschen an de Respekt virun aneren Usiichten ze trainéieren. Héchstens däerfen si mol eng Dokumentatioun mat séier gegoogelent a geprinten Informatione virstellen. Wann esou Mënschen d'Bildungsinstitutiounen verloossen, sinn se weder fäeg nach gewëllt, sech eng eege Meenung ze bilden, se matzedeelen a sachlech ze verdeedegen, bzw. anere Leit hire Standpunkt genee nozelauschteren an eventuell ze integréieren.

*Die wichtigere Möglichkeit, sich Wissen anzueignen, besteht ... darin, mit anderen Menschen Wissen auszutauschen, weil Wissen allein einem ja noch nicht hilft, sich in der Welt zurechtzufinden. Viel wichtiger als Wissen ist ja Erfahrung. Da man nun aber nicht allein sämtliche Erfahrungen machen kann, auf die es im Leben ankommt, wäre es wichtig für die Zukunft der Schule, dass Schüler lernen, wie man sich die Erfahrungen anderer Menschen zugänglich macht. Damit ich das kann, muss ich auf andere Menschen zugehen können, dazu brauche ich soziale Kompetenz, und die hat ganz viel*

*mit Mitgefühl und Einfühlungsvermögen zu tun.*

Gerald Hüther

#### 5. Zesummenaarbecht (Collaboration)

- d'Fäegkeet fir mat anere konstruktiv zesummenzeschaffen: Esouguer do wou an der Schoul Partner- a Gruppenaarbechten erméiglecht ginn, sinn d'Aufgabe seie selber gewielt, an de Fait dass alles émmer bewäert muss ginn erschwiert eng konstruktiv Haltung. D'Schüler kréien déi ganz Zäit vermettelt, dass et em Punkte geet, dass se mat hire Kollege bzw. mat Norme verglach ginn, dass de Fokus um Eenzelen séngem Bäitrag läit an net um Gruppeprozess oder um Resultat. Ganz gravéierend ass dobäi d'Alterssegregatioun, déi verhënnert, dass ee mat méi jonken a méi alen zesumme léiert. A ville Situatiounen ass et guer net erlaabt, aneren ze héllefen, mat hinnen zesummen eng Léisung ze sichen oder sech vun hinnen inspiréieren ze loassen, well dat d'Evaluatioun erschwiert. Dat geet souwält, dass Schüler hir eege Kollegen verroden wann se „fuddelen“. All déi Émstänn féiere bei de

spéideren Erwuessenen zu Mësstrauen vis-à-vis vu kollektiven Aarbechten, zu Näid an zu Onfægkeet, engem Mataarbechter säi Bäitrag ze schätzen.

*In den meisten Schulen besteht ... eine Trennung ... nach dem Alter, das ungefähr in allen Klassen gleich ist. Das ist ein grundlegender Fehler, der zu jeder Art anderer Fehler führt: es ist eine künstliche Isolierung, die die Entwicklung des sozialen Gefühles verhindert.*

Maria Montessori

**6. Matgefill (Compassion)** - d'Fægkeet fir anere mat Empathie ze begéinen an sech entsprielend ze verhalen: E Bildungssystem, deen op Zwang, Kontroll a Bewäertung opgebaut ass, an deem de Schüler hir Intressen, Gefiller a Meenunge keng Roll spullen an an deem et haapt-sächlech drém geet, se zum Fonctionnérieren ze bréngen, ass sécher kee gudden Nierbuedem fir Matgefill. Déi jonk Leit gi permanent indoktrinéiert, evaluéiert an no Defiziter ofgesicht, an da gëtt probéiert, dës „Feeler“ äusserlech ze reparéieren. Wéi Objeeën ginn d'Schüler depistéiert, trainéiert, placéiert, therapéiert - eng ganz Arméi vu Spezialiste profitéiert mëttler-weil ekonomesch vun hire „Problemer“ - ouni dass een sech fir hir Liewensémstänn, hir Meenung an hir Wënsch intresséiert. Esou entsti frustriert, gedemütegt Mënschen, déi als Erwuessener mat Alkohol, Konsum an Eskapismus dee Manktem u Matgefill permanent musse kompenséieren an hirersäits kaum Empathie fir aner Liewewiesen opbréngen.

*Mitgefühl ist keine religiöse Angelegenheit, es ist eine menschliche Angelegenheit, es ist nicht Luxus, es ist wesentlich für unseren eigenen Frieden und unsere geistige Stabilität, es ist wesentlich für das menschliche Überleben.*

Dalai Lama

*Niemand wuchs dadurch, dass er gemessen wurde.*

Philip Gammage

**7. Geloossenheet (Composure)** - d'Fægkeet fir sech séngem Gefillsliewe bewosst ze sinn an e Senn fir perséinlech Harmonie a Balance ze entwéckelen: Fir sech selwer gutt ze kennen, anzeschätzen

an ze steieren, brauch een Übung. Déi Übung gëtt eis an der Schoul verwiert, well mer net erlaabt kréien, eis eege Leidenschaften ze entdecken an ze verfollegen, eis a ganzheetlechen Aktivitéité wéi Danz an Theater ze erfueren an eis Fortschrëtter onofhängeg vum Enseignant an no eegene Critères ze bewäerten. Och fir méi spirituell Bestriewunge wéi Meditatoun ass keng Zait virgesinn. Iwwerhaapt verhennert den arbiträre Stonnentakt vum Horaire, dass Faszinatioun ausgelieft an e Projet ouni Zäitdrock ofgeschloss ka ginn.

Dëse Manktem u Geleenheeten fir Gemittsrou an énnerlech Balance ze entwéckele féiert zesumme mat der Alters-segregatioun an dem Leeschtungs- a Geltungsdrock zu Impulsivitéit, Vandalismus an Depressioun, a méi spéit zu Problemer fir berufflechen a privaten Eraus-fuerderunge mat Resilienz an Ausdauer ze begéinen, fir stabil Bezéiungen opzebauen an sech a Konfliktsituatiounen gedölleg a komproméssbereet ze weisen.

*Der Mensch muss zur inneren Ruhe gebildet werden.*

Johann Heinrich Pestalozzi

**8. Biergersinn (Citizenship)** - d'Fægkeet fir sech konstruktiv fir d'Gesellschaft anzusetzen an sech un de Prozesser ze bedelegen déi se um Liewen erhalen: Och Verantwortung muss trainéiert ginn. D'Schoul deelt hir Verantwortung net gär mat hire Schüler, si däerde guer net oder minimal matbestëmmen, wat, wéini, wéi a mat wiem geléiert gëtt. Iwwert d'Demokratie gëtt zwar geschwat, mee praktiziéiert gëtt se net, kann se net ginn, well de System eben net esou opgebaut ass.

Reegele ginn dacks a manipuléierte Pseudoberodunge mat deene Jonken festgluecht, mee hir Applikatioun fonctionnéiert kaum, well esou vill Leit kuerzzäiteg an de Klassen intervenéieren, dass sech eng Verantwortungsgemeinschaft guer net kann entwéckele kann, a well ni genuch Zait zur Verfügung stéet fir Reegelverstéiss an -ännerunge sérieux ze diskutéieren.

Doduerch wuesse Mënschen op, déi sech zwar heefeg beschwéieren, awer net wësse wéi ee konstruktiv Virschléi sicht a sech net trauen mat deenen ze schwätzen déi

um richtegen Hiewel sätzen. Virun allem sinn dës Mënsche politesch passiv a si intresséieren an engagéieren sech net fir d'allgemengt Wuel.

*Das Ziel der Erziehung muss die Heranbildung selbständig handelnder und denkender Individuen sein, die aber im Dienste an der Gemeinschaft ihre höchste Lebensaufgabe sehen.*

Albert Einstein

Am Resümee dréit eis „Dinosaurierschoul“ also substanzuell dozou bái, Bierger erunzezéien, déi tendenziell naiv, konformistesch, frustriert, konsumsüchteg, bezéitungslabil, konfliktschei, impulsiv, feig, passiv a gesellschaftlech onverantwortlech sinn. An dorau entsteet eng onkreativ, egoistesch Gesellschaft, déi hir Ressourcen net uecht an hir Problemer muss vun Auslännner léise loessen.

Dës Duerstellung riicht sech iwwrégens net géint déi Leit, déi an deem System schaffen; se riicht sech géint d'Strukturen u sech, géint dat wat eis alleguer bremst, eis Méiglechkeiten énnerdréckt an eis Zukunft op d'Spill setzt. An si rifft jiddeen op, elo mat ganzer Krafft dozou báziedroen, dass déi Strukture falen an nei, zäitgeméiss, fléissend, kreativ, human an holistesch Modeller wuessen.

### **Elementer vun engem Bildungsparadigma, deen eist mënschlech Potenzial fräisetze kann**

*Eigentlich kann die Welt ja durch Reformen ... Reformchen nicht mehr reformiert werden. ... Wir brauchen also richtige Ershütterungen. Strukturelle Veränderungen. Wir brauchen Menschen, die wieder richtig Bildungssysteme, alte, zertrümmern und Neuem Raum geben.*

Thomas Sattelberger, ehemaliger Personalvorstand der deutschen Telekom

Ee Bildungsmodell, deen de jonke Mënschen hirem Recht op ganzheetlech, fräi Entfalung entsprieche wéll (an domat dem Opbléie vun deene Kompetenzen, déi di kommend Generationen onbedéngt fir hiert Iwwerliewe brauchen), muss sech dem amerikanesche Psycholog Peter Gray no ë.a. op folgend Prinzipië stäipen:

- Kloerheet doriwwer, dass d'Bildung deem Jonke seng Verantwortung ass. Wa Kanner wëssen dass se fir hir Bildung verantwortlech sinn, dann iwwerhuelen se d'Verantwortung dofir. Wann se mengen oder hinne vermittellet gëtt, dass een anere fir hir Bildung zoustänneg ass an si soss näischt maache musse wéi dat wat een hinne seet, dann tendéieren se derzou esou mann wéi méiglech ze maachen, dann iwwerhuelen se keng Verantwortung fir hir Bildung.

*Das höchste Ziel von Erziehung ist es, Individuen dazu zu befähigen, die Konstrukteure ihrer eigenen Bildung zu werden und sich durch diesen Prozess fortwährend neu zu erfinden.*

Elliot W. Eisner

- Onbegrenzt Geleenheet fir ze spiller, ze fuerschen a sengen eegenen Intressen nozegoen. Onbegrenzten Zäit, net eng Stonn den Dag, net zwou Stonnen den Dag, onbegrenzten Zäit. Et brauch Zäit fir verschidde Saachen auszeprobéieren. Et brauch Zäit, fir sech ze langweilen an d'Langweil z'iwwerwannen. Et kann een dat net duerch eng Schell, déi de Leit permanent seet wat se maache sollen, énnerbriechen an dann erwaarden, dass se eng echt Passioun entwéckelen.

*Die hintergründige Dialektik des Spiels zeigt sich darin, dass es trotz seines scheinbar zweckfreien Charakters der Entwicklung der Lebensfunktionen dient und zwar umso nachhaltiger, je weniger es zielgebunden oder entwicklungsorientiert abläuft.*

Hermann Röhrs

- Zugang zu enger Villfalt un empatheschen Erwuessen, déi énnerstëtzen an net bewäerten. Déi lescht Persoun déi ee beim Léieren em Héllef froe wéll ass een dee bewäert. Bei esou engem Mensch gëtt een nervös.

Wann een esou e Mensch opsicht, da mat der Astellung dass ee probéiert en ze beandrocke mat deem wat ee weess, an net fir ze soen: „Ech weess dat do wierklech net an ech hätt gären e weindeg Énnerstëtzung.“ Doduerch dass d'Mataarbechter d'Kanner net bewäerte kënnen si se vill besser énnerstëtzen.

*Die wichtigste Rolle der Erwachsenen ist es, den Kindern zu zeigen, wie sie ihre eigenen Fragen besser beantworten und ihre eigenen Bedürfnisse besser erfüllen können. Je mehr Kinder dies fertigbringen, desto besser. Je weniger Kinder am Ende das Gefühl haben, von Erwachsenen und deren Wissen abhängig zu sein, desto besser. - Jerry Mintz*

- Ongehennert Mëschung vu verschiddenaltrege Kanner a Jugendlechen. Dëst ass absolut primordial fir d'Schoul. D'Schoul géif net fonctionnéieren wann d'Kanner all d'selwecht al wieren, well et fir Kanner net vill ze léiere gëtt vun aneren, déi dee selwechten Alter hunn. Si léiere vu Kanner déi méi al sinn a vu Kanner déi méi jonk si wéi si selwer.

*Wenn die Fertigkeiten und das Lerntempo nicht bei allen gleich sind, ist das der Punkt, an dem der Spaß beginnt. (...) Altersmischnung hat ... eine soziale Seite. ... Die älteren Kinder dienen den jüngeren als Vorbilder, Ideale, manchmal gar Götter. Genauso oft dienen sie als abschreckende Beispiele. ... Die jüngeren Kinder dienen den älteren als Familien-Modelle - in der Rolle als junge Geschwister oder eigene Kinder. (...) Und es gibt eine Lern-Seite. Kinder lernen liebend gern von anderen Kindern. In erster Linie ist es oft einfacher; das Kind als Lehrer ist an den Schwierigkeiten des Schülers näher dran als der Erwachsene, da es selbst vor nicht allzu langer Zeit die gleichen Schwierigkeiten hatte. Die Erklärungen sind gewöhnlich einfacher und daher besser. Es gibt weniger Druck, weniger Beurteilung. Und es bietet einen starken Anreiz, zügig und gut zu lernen: dem Mentor gegenüber aufzuholen.*

*Kinder bringen auch sehr gern anderen etwas bei. Es gibt ihnen das Gefühl, einen Wert zu haben, das Gefühl von Fähigkeit. Wichtiger noch: Wenn sie anderen etwas beibringen, hilft ihnen das dabei, mit dem Stoff besser umgehen zu können; sie müssen sich Klarheit darüber verschaffen, es richtig verstehen. Also schlagen sie sich mit dem Stoff herum, bis er in ihrem eigenen Kopf glasklar ist, so klar, dass ihre Schüler ihn verstehen.*

Daniel Greenberg

- Bedeelegung un enger stabiller, integerer demokratescher Communautéit. Dat ass

eng Gemeinschaft an där all Kand weess, dass seng Iddien a seng Handlungen déi aner an där Gemeinschaft beaflossen. Op déi Aart a Weis wiisst et an engem Ëmfeld op, an deem et sech net némme responsabel spiert fir sech selwer, mee och fir déi Communautéit an där et sech entwéckelt.

*Wahre Erziehung sollte uns aus uns selbst herausführen, hin zu etwas viel Schönerem: einer Selbstlosigkeit, die uns mit der ganzen Menschheit verbindet.*

Lady Nancy Astor, erstes weibliches Mitglied der britischen Abgeordnetenkammer Elo ass de Moment fir - wéi iwwerall an eisen Nopeschlänner - esou engem Bildungswhee, deen esouwuel de Menscherechter entspréch wéi och den Ufuerderunge vun enger komplexer, global vernetzter a léisungshongreger Gesellschaft, zu Lëtzebuerg aktiv zum Duerchbroch ze verhëllefen.

E puer Menschen hei am Land hu scho mol ugefaangen, esou ee Prozess an d'Rullen ze bréngen. Wann Dir dës Gedanken deelt, sidd Der häerzlech agelueden, Iech iwwer [www.ludus.lu](http://www.ludus.lu) mat hinnen a Verbindung ze setzen. ♦

## Literatur

Ken Robinson / Lou Aronica, *Creative Schools - The Grassroots Movement That's Transforming Education*, New York 2015

Peter Gray, *Befreit lernen - Wie Lernen in Freiheit spielend gelingt*, Klein Jasedow 2015

Daniel Greenberg, *Endlich frei! - Leben und Lernen an der Sudbury-Valley-Schule*, Freiamt 2014

Jerry Mintz, *No Homework and Recess All Day - How to Have Freedom and Democracy in Education*, New York 2003

Erwin Wagenhofer, *alphabet - Angst oder Liebe*, Pandorafilms 2013 (DVD)

Christoph Schuhmann, *Schools of Trust - Der Aufbruch zu den Schulen von Morgen*, Tologo 2016 (DVD)